N°276
Entrée le 18.11.2025
Chambre des Députés

Här Claude Wiseler

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 18. November 2025

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës mëndlech Fro (Art. 83 vum Chambersreglement) un den Här Aarbechtsminister weiderzeleeden.

Nodeems déi Lëtzebuerger Wënzer 2023 mat ville Belaaschtungen a Beschränkungen ze kämpfen haten, sou z.B. mat iwwerméisseg staarke Reefäll am Summer, déi zu engem ongewéinlech fréie Liesufank gefouert hunn, goufe si am selwechte Joer mat verstäerkte Kontrollen duerch d'Inspection du Travail et des Mines konfrontéiert. An deem Kontext hat ech, zesumme mat der honorabeler Deputéiert Alexandra Schoos, d'Regierung gefrot, ob si dervu géif ausgoen, datt verschidde Wënzer bestrooft goufen, well si sech net mat der Gesetzeslag, mat den administrativen Oplagen an Direktiven auskannt hätten an, wa jo, wéi d'Regierung d'Zuel vun dëse Feeler aus Onwëssenheet an Zukunft verklengere wéilt.

An hirer gemeinsamer Äntwert haten den Här Aarbechtsminister an d'Madamm Wäibauminister den 8. Mäerz 2024 geschriwwen: *"Jo. D'Regierung geet dervun aus, datt et net absichtlech war. Et ass dofir ugeduecht, d'Prozedur vum Recrutement vun den Hëllefsaarbechter am Wäin, Uebst- a Geméisbau ze vereinfachen."*

Zu dësem Punkt wëll ech den Här Aarbechtsminister befroen.

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten